



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Justizministesch, a vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5532 vum 20. Januar 2022 vun den honorabelen Députéierte Laurent MOSAR a Léon GLODEN

- **Kënnen d'Ministeren confirméieren, dass tendenziell gekuckt ëmmer manner Leit op d'Convocatiounen vun der Police reagéieren ?**

Et ass e Fakt dat ëmmer méi oft Affären, déi, obwuel se net konnte komplett vun der Police ofgeschloss ginn, musse wéinst de legalen Delaien un d'Justizautoritéite viru geschéckt ginn. De Grond hefir ass meeschtens well convoquéiert Persounen, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net bei der Police virstelleg ginn. Hei mussen d'Justizautoritéiten dann iwwert de Suivi vun der Affär decidéieren.

- **Wéi vill Procès-verbaux wéinst Verstéiss géint d'Stroosseverkéiersuerdnung sinn an de leschte 5 Joren vu Policesäit un de Parquet geschéckt ginn (pro Joer) ?**

De folgenden Tableau erfaasst d'Zuel vu Procès-verbaux'e wéinst Verstéiss géint d'Stroosseverkéiersuerdnung, déi an deene leschte 5 Joer vun der Police un de Parquet geschéckt goufen.

2017	2018	2019	2020	2021
12.034	7.659	8.317	9.001	10.019

Et sief vermierkt, dat am Stroosseverkéier primär op Avertissements taxés zeréckgegraff gëtt. Wann den Avertissement taxé bezuelt gëtt, kënn et deemno iwwerhaapt net zu engem Procès-verbal.

Déi relativ héich Zuel vu Procès-verbaux'en aus dem Joer 2017 erkläert sech duerch d'Aféierung vun den automatiséierte Radaren, déi mat sech bruecht huet, dat d'Konstatatiounen vun Infraktiounen wéinst Vitessedepassementer enorm an d'Luucht gaange sinn, an doduerch och d'Zuel vun den net bezuelten Avertissements taxés'en, déi dann e Procès-verbal generéiert hunn.

Duerch d'Gesetz vum 10. Abrëll 2018 gouf dunn déi vereinfacht Prozedur vun der Amende forfaitaire agefouert, déi et erlaabt fir bei all net bezueltem Avertissement taxé vun 49 € direkt eng Amende forfaitaire auszustellen an deemno net méi iwwert de Wee vun engem Procès-verbal mussen ze fueren. Dat huet dozou bäigedroen, dass d'Zuel vu Procès-verbaux'e wéinst Verstéiss géint d'Stroosseverkéiersuerdnung déi Joren drop substantiell erof gaangen ass, well déi Amende-forfaitairen direkt iwwert de Parquet lafen.

- **Wéi vill Procès-verbaux si an deem Kontext vu Säiten vun der Justiz weiderverfollegt ginn ?**

Tableau 1 : Unzuel vu Stroosseverkéiersdossieren, opgeschlüsselt no Joer an no Juridiktioun, déi bei de Justizautoritéiten opgemaach goufen



	2017	2018	2019	2020	2021
En matière criminelle et correctionnelle					
<i>Luxembourg</i>	7 001	6 997	7 314	6 746	6 528
<i>Diekirch</i>	1 224	1 337	1 337	1 154	1 260
Sous – total	8 225	8 334	8 651	8 006	7 788

En matière de police (contraventions)					
<i>Luxembourg</i>	16 012	14 384	11 360	10 018	11 515
<i>Diekirch</i>	3 610	4 032	1 704	1 627	1 602
Sous – total	19 622	18 416	13 064	11 645	13 117
Total	27 847	26 750	21 715	19 651	20 905

- **Wéi vill goufen der klasséiert ? Aus wéi enge Grënn (Verjörung z.B.) ?**

Tableau 1 : Unzuel vu Stroosseverkéiersdossieren, opgeschlësselt no Joer an no Juridiktioun, déi ouni Suite klasséiert gi sinn oder déi ausgesat gi sinn, well den Auteur onbekannt ass.

	2017	2018	2019	2020	2021
En matière criminelle et correctionnelle					
<i>Luxembourg</i>	3 736	4 083	4 219	3 720	3 867
<i>Diekirch</i>	613	673	717	545	658
Sous – total	4 349	4 756	4 936	4 265	4 525
En matière de police (contraventions)					
<i>Luxembourg</i>	8 735	8 536	4 974	4 287	4 183
<i>Diekirch</i>	1 674	3 131	674	549	474
Sous – total	10 409	11 667	5 648	4 836	4 657
Total	14 758	16 423	10 584	9 101	9 182



D'Grënn vun engem **Classement sans suites** si ganz verschidden :

- « Poursuites inopportunes », dat heescht, d'Poursuite vun der Strofdot sinn net ubruecht, z.B. wann d'Affär besser um Civil weidergefuert géing ginn ;
- « Auteur inconnu »;
- « Avertissement payé », wann de Prévenu den Avertissement taxé nom Delai awer virun der Sëtzung bezilt ;
- « Infraction insuffisamment caractérisée », wann net genuch Beweiser am Dossier si fir dass eng Verurteilung kéint gesprach ginn ;
- « Trouble minime à l'ordre public » ;
- « Affaire civile » oder « intérêts civils réglés en en voie de règlement », z.B. bei liichten Accidenter ouni caracteriséiertem Feelverhalten ;
- « Prescription » ;
- « Pas d'infraction »;
- « Avertissement », de Prévenu kritt e rappel à l'ordre a gëtt informéiert, dass am Fall vun enger Recidive ka fir déi al an déi nei Affär poursuivéiert ginn ;
- « Dépassement du délai raisonnable » ;
- « Stage », wann de Prévenu averstane ass e Stage iwver d'Sensibiliséierung zur Stroossesécherheet ze suivéieren ;
- « Action publique éteinte », z.B. wann de Prévenu net méi leeft.

- **Wéi vill goufen der per Ordonnance pénale evakuéiert ?**

Tableau 2: Unzuel vun den Ordonnance-pénalen, opgeschlësselt no Joer a Juridiktioun

	2017	2018	2019	2020	2021
En matière criminelle et correctionnelle					
<i>Luxembourg</i>	739	709	701	566	881
<i>Diekirch</i>	102	141	138	165	168
Sous – total	841	850	839	731	1 049
En matière de police (contraventions)					
<i>Luxembourg</i>	7 958	5 309	5 557	5 072	5 249
<i>Diekirch</i>	1 575	1 000	800	818	768
Sous – total	9 533	6 309	6 357	5 890	6 017
Total	10 374	7 159	7 196	6 621	7 066



- Wéi vill koumen der an eng Sitzung ?

Tableau 3 : Unzuel vun den Verurteelungen, pro Joer a pro Juridiktioun

	2017	2018	2019	2020	2021
En matière criminelle et correctionnelle					
<i>Luxembourg</i>	2 069	1 857	1 705	1 736	1 431
<i>Diekirch</i>	387	413	403	327	458
Sous – total	2 456	2 270	2 108	2 063	1 889
En matière de police (contraventions)					
<i>Luxembourg</i>	544	502	663	775	754
<i>Diekirch</i>	124	186	225	229	175
Sous – total	668	668	888	1 004	929
Total	3 124	2 958	2 996	3 067	2 818

- Wéi vill sinn der aktuell nach unhängeg ?

Tableau 4 : Unzuel vun den Affären, opgeschlësselt no Joër a Juridiktioun, déi aktuell nach opstinn

	2017	2018	2019	2020	2021
<i>Nouvelles affaires</i>	27 847	26 750	21 715	19 651	20 905
<i>Affaires terminées</i>	- 27 361	- 26 386	- 21 282	- 18 874	- 18 289
Total des affaires pendantes	486	364	433	777	2 616



- **Wéi vill Avertissements taxés (AT) wéinst Verstéiss géint d'Stroosseverkéiersuednung goufen déi lescht Joren ausgestallt ?**
 - **Fir wéi ee Gesamtmontant ?**
 - **Wéi vill vun dësen AT goufen effektiv och agedriwwen ?**

Hei gëtt op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 614 vum 9. Abrëll 2019 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen verwisen. De folgenden Tableau gouf der Vollstännegkeet halwer duerch d'Joren 2019, 2020 an 2021 komplettéiert.

Joer	Total AT	Bezuelte	Recetten	Net bezuelte AT	Total AT net bezuelte
2013	344 162	262 967	€ 10 627 281	81 195	€ 2 213 741
2014	355 169	274 331	€ 11 211 676	80 838	€ 2 199 643
2015	355 916	275 274	€ 11 006 511	80 642	€ 2 234 904
2016	622 112	513 115	€ 23 266 236	108 997	€ 3 872 124
2017	687 108	556 816	€ 23 759 733	130 292	€ 4 322 319
2018	729 062	590 494	€ 25 624 019	138 568	€ 4 476 866
2019	341 171	303 372	€ 19 690 004	37 799	€ 2 404 386
2020	286 407	258 187	€ 17 097 483	28 220	€ 1 634 382
2021	285 811	247 559	€ 17 855 400	38 252	€ 2 404 386

- **Wéi bewäerten d'Ministeren dës Donnéeën ?**

Et sief bemierkt, dass d'Qualifikatioun vun de Faiten duerch d'Police net onbedéngt déi ass, déi och herno vum Parquet zeréckbehale gëtt, wat zum Beispill erkläert dass verschidden Affären, déi bei de Parqueten erakommen, klasséiert gi well méi spéit festgestallt gëtt, dass keng Strofdot virläit oder d'Affär méi eng zivil wéi eng strofrectlech Komponent huet.

Aus den uewe genannten Zuele geet ervir, dass all Affär am Kader vum Verstouss géint de Code de la route um Niveau vun de Parquete Lëtzebuerg an Dikrech traitéiert gëtt, an dat proportional gesi wéineg Affären nach unhängeg sinn.

De Fait dass eng Affär klasséiert gëtt heescht och net onbedéngt, dass dem Prévenu seng Strofdot keng Konsequenzen huet, mee kann duerch e positivt Behuelen vum Prévenu kommen (Sensibiliséierungsstage, d'Bezuelen vum Avertissement taxé oder vum Schued, oder och nach d'Regulariséierung vun der Situatioun virun der Sëtzung). Verschidden Affären müssen aus juristesche Grënn klasséiert ginn, zum Beispill wann d'Action publique, dat heescht den Delai an deem d'Strofdot muss poursuvéiert ginn, verjäert ass oder de Prévenu net méi leeft.



Lëtzebuerg, den 16 Februar 2022.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson